



Lux**Fibre**

Surfez à la vitesse
de la lumière !

Découvrez la
puissance de
LuxFibre



www.post.lu • 8002 8004



Sommaire 1/14

Page	Titre	Auteur
ii	Publicité POST Luxembourg	POST
1	Sommaire 1/14	LX1JU
2	Organisation et Services du RL	LX1JU
3	Préface	LX1JU
4-5	LX1SK (9.9.1931 – 10.11.2013)	LX1WC
6-21	Rapport vun der Assemblée Générale 2014	LX1JU
22-32	Résumé du rapport de l'AG en français	LX1JU
33	Laudatio: Heinz Nauerz DK4XC	LX1JX
34	Rapport vum QSL Bureau 2013-2014	LX1CX
35	IARU Resolution 85-9 (concerning QSL bureaus)	IARU
36	Règlement d'Ordre interne du RL	LX1JU
37	Rapport Cours de préparation	LX1MA
38-39	Rapport EMC/PLC, CEPT, TVI/ITV	LX1MA
40-41	Rapport Awards & LX HF Marathon 2013	LX2A
42-44	Règlement / Rules LX HF Marathon 2014	LX2A
45	Rapport APRS	LX1KQ
46-47	Rapport Activités VHF, UHF, SHF, balises	LX1DB
48-50	Rapport 6m & 4m	LX1JX
51	Publicité S.A.M.	S.A.M.
52-53	Rapport Voice Repeaters	LX1JU
54	Rapport Digital Voice Communications	LX1IQ
55	Rapport Packet-Radio, HAMNET, Echolink	LX1TB
56-59	HB9S – World Scout Bureau 56. JOTA	HB9AOF
60	45 Jahre SAARLORLUX-Freundschaftstreffen!	DK4XC
61	LX0SAR 2014 Programm	LX1JX
62-65	Kleng Aféierung an D-Star	LX1IQ
66	Publicité Waagner Biro	Waagner Biro
67	1. Mée-Feier vun der ADRAD	LX1CC
68	Grillfete bei Wimo	Wimo
68	Publicité Schaller	Schaller
iii	Publicité E-shopamateur	ON2CQ
iv	Publicité Heirens Constructions	Heirens Constr.

Bulletin du RL

Revue biannuelle des Radioamateurs du Luxembourg a.s.b.l.

Edition 1/14 du premier semestre 2014

Imprimé par « UNIJEP Luxembourg »

Organisation et Services du RL

Président d'Honneur: Josy Kirsch sen. LX1DK

Membres d'Honneur: Jean Spautz
Edmond Toussing
Heinz Nauerz DK4XC

Comité

Président	Mich Friederich	LX1KQ	Trésorier	Luc Engelmann	LX1IQ
Vice-Président	Jean-Claude Duhr	LX1CU	Membre	Armand Erpelding	LX1MA
Secrétaire	Dan Jungels	LX1JU	Membre	Arsène Thill	LX1TB
Secrétaire-adj.	Claude Wangen	LX1WC	Membre	Philippe Luty	LX2A

Managers

Awards	LX2A	Members Relations	LX1CU
Beacon and Repeater Coordinator	LX1DB	Pins, Stickers and Flags	LX1CU
Digital Communications Coordinator	LX1TB	QSL-Service Incoming & Outgoing	LX1CX
EMC, BCI, TVI	LX1MA	Relationship with Administrations	LX1KQ
Eurocom-WG	LX1KQ	RL Library	LX1IQ
Exam preparation	LX1MA	Shack Coordination	LX1RA
IARU Relationship Officer	LX1KQ	SNJ	LX1RA
Insurance	LX1IQ	VHF, UHF, SHF Manager	LX1DB
LX Callbook Update & Publication	Comité	Webmaster rlx.lu	LX1OM
LX-HF Contest	LX2A	Youth Coordinator	LX1RS

Working Groups

APRS	LX1KQ, LX1CU, LX1TB
ARDF	LX1JU, LX1MA
ATV	LX1PL, LX1JM, LX1DB
Bulletin Editor	LX1JU
Digital Voice Communications	LX1IQ, LX3JL, LX1JM, LX1TB
HF-WG IARU Region 1	LX1KQ
JOTA / Scouts	LX1RA
Packet-Radio (AX.25+TCP/IP) HAMNET	LX1TB, LX1JU, LX3GR, LX1KQ
QST-Transmission	Comité RL
Voice Repeater	LX1JM, LX1PL, LX1JU, LX1JX, LX1KQ, LX1CU, LX1TB, LX1MA

Pour plus d'informations sur les différents Working Groups veuillez contacter le WG coordinateur Arsène Thill LX1TB (lx1tb@rlx.lu).

Réunions, Divers

Réunions mensuelles avec collecte et distribution des cartes QSL:

- le premier mercredi de chaque mois, sauf mars et août, à partir de 19h30 dans la salle au premier étage du Café « Am Musée », 38, rue de Crauthem à Peppange.
- Réunion « Soirée Club » à Eisenborn chaque dernier vendredi du mois à partir de 19h00.

Emissions QST: chaque dernier vendredi du mois à 20:00 sur LX0LU et LX0HI.

Compte du RL: IBAN LU11 1111 0321 8780 0000 (BIC : CCPLLULL)

Déclarations de sinistres: déclaration au trésorier qui transmettra, le cas échéant, à notre assureur, AXA Rob Claude, 37 Grand-Rue, L-3730 Rumelange, Tél.: 560456

Informations du RL pour non-membres: Jean-Claude Duhr LX1CU (Tél.: 889282)

Page web du RL: <http://www.rlx.lu/>

Préface

Chères YLs, XYLs, chers OMs, chers membres,

Après une année associative pourvue de quelques événements un peu plus turbulents, aboutissant à une assemblée générale extraordinaire en décembre, le RL a clôturé cette année le mois dernier avec son assemblée générale ordinaire. Le nombre de membres présents à l'AG était à peu près identique aux années précédentes, bien que les conditions météorologiques printanières même en début du mois de mars fussent une concurrence sérieuse. Des discussions fructueuses et des retours intéressants montrent à quel point nos membres restent intéressés à la vie de notre association.

Le RL est reparti de cette AG avec un nouveau comité confirmé et presque complet. Le but de celui-ci est de mener à bien les projets en cours, partiellement entamés et quelques nouveaux projets prévus. Il ne devra évidemment pas négliger les tâches parfois un peu plus fastidieuses et administratives : ce sont ces devoirs qui sont pourtant d'importance primordiale pour une association nationale, membre d'une confédération internationale. Cette dernière représente les intérêts de nous tous vis-à-vis de groupements ayant plutôt des intérêts professionnels et des lobbys puissants. Au niveau intra-association il est clair qu'il ne faut pas oublier que l'association est supposée représenter et respecter les intérêts de tous ses membres, ce qui semblait être tombé un peu dans l'oubli récemment.

Comme la tradition le veut, ce Bulletin regroupe tous les rapports de l'AG en intégralité et permet donc de les relire en toute tranquillité. Surtout sur les Working Groups il me semble important de dire quelques mots : tout membre intéressé et motivé est invité et le bienvenu de participer au(x) Working Group(s) respectif(s) afin de partager ses connaissances et son expérience avec les autres membres. Ceci peut être réalisé par exemple en donnant un coup de main pour assurer le montage ou les maintenances nécessaires à nos infrastructures actuelles ou futures. D'un autre côté c'est également une occasion pour chaque personne n'ayant pas encore ces connaissances, mais désireux d'en acquérir dans un certain domaine de notre passe-temps diversifié. Je vous invite donc de contacter soit directement une personne des Working Groups respectifs, soit le coordinateur des WGs, dont vous trouvez les coordonnées en début de ce Bulletin.

Nous avons aussi essayé de donner suite tant que possible à vos feedbacks. Un des résultats est par exemple que dans ce Bulletin une partie des informations est disponible en deux langues, en vue d'informer au mieux la majorité de nos membres. Comme ceci est la première édition pour la nouvelle équipe, je vous prie d'être indulgent si tout n'est pas encore au niveau de la qualité connue autrefois. En tout cas je remercie vivement toutes les personnes ayant contribué à la réalisation de ce numéro.

Je vous souhaite une bonne lecture !

Dan LX1JU, « Bulletin Editor »

LX1SK (9.9.1931 – 10.11.2013)

Als fréiere Schüler vum Dikrecher Kolléisch hunn ech de Jang (oder John, wéi e bei de Funker méi bekannt war) Mootz fir 't éischt nëmme vum Numm hier kann. E puer Kollegen haten en an der Chimie an hunn ëmmer erëm vun em verzielt. Si waren sech dobäi all eens, fir en als Exzentriker, mee virun allem als en immens kompetenten an hëllefsbereete Proff ze beschreiwen.

Well ech deemools awer ugefaangen hunn, mech fir Kurzwellenempfang ze interesséieren, sinn ech dunn och déi eng oder aner Kéier a sengem 'Shack' um Späicher vum Dikrecher Kolléisch passéiert, fir Froen ze stellen oder Rotschléi ze kréien. An direkt beim éischte Besuch war kloer, wat fir en aussergewöhnleche Pädagog hie war. Net nëmme war en ëmmer bereet, fir ze hëllef; en hat virun allem en immenst Talent, fir d'Schüler ze encouragéieren, selwer Saachen auszeprobéieren. Ech wäert ni vergiessen, wéi en de Reset vun engem PC gemaach huet, andeems en einfach e Schrauwschlüssel benotzt huet, fir um Motherboard e Kuerzschluss ze fabrizéieren. Fir déi vun eis, déi geléiert gi waren, näischt unzepaken, wat mer net sollten, war deen direkten an ongehemmte Kontakt mat neien Technologien eng fantastesch Erfahrung.

Natierlech hunn sech ronderëm esou e Personnage eng Rëtsch méi skurril Geschichte gesammelt. Engem Kolleg säi Papp hat eis emol verzielt, dass de Jang zu senger Ufangszäit zu Dikrech wäiss Mais ënner dem Späicher geziicht huet an och mol heiansdo eng Maus an der Paltongstäsch mat an de Cours geholl huet.



An natierlech waren do och schonn d'Snoopyen derbäi. Anscheinend stoung deemools am 'Logbuch' vun der elektronischer Präzisiounswu aus dem Chimieslabo, tëschent Zeilen ewéi '20 mg vun dëser Substanz' oder '35 mg vun där anerer' och ëmmer erëm esou Saachen ewéi 'Un chien bleu!'.

Iergendwann hat ech dunn d'Geleeënheet, de Jang och doheem ze besichen. Den 'offiziellen' Grund war, dass ech mer e Bonito Decoder kaaft hat, fir RTTY an Ähnlechtes ze empfänken, mee iergendwéi huet e net wierklech funktionéiert. Fir de Jang war dat natierlech eng Affär vu Minutten, fir den Apparat un d'Goen ze kréien. Am Fong war et fir mech e Virwand, fir de Kontakt och an der Schoulvakanz ze halen – et war ëmmer erëm immens stimulant, fir eng Stonn mat him ze schwätzen.

D'Haus selwer war scho vu baussen onverkennbar. Et war riets a lénks ugebaut an dat niddregst Haus an der Strooss, mee eng gewalteg Yagi-Antenn huet iwwe déi aner Haiser erausgekuckt. Mee déi wierklech Entdeckung war déi fantastesch Sammlung vun

"Saachen" – e Büro voll Radioen a PCen, e Späicher voll allerhand. Ënner anerem kann ech mech un eng Fernsekamera erënneren (an natierlech iwverall Snoopyen!) ...

Impressionnant war virun allem säin Driff, fir alles auszeprobéieren. A sengem Büro stoung zum Beispill e kleng Laptop, op deem 'en continu' Wiederkaarte vu Satellitten empfaangen an decodéiert goufen. Et huet net ausgesinn, wéi wa wierklech dacks drop gekuckt géif ginn – mee et war bestëmmt e flotte Projet gewiescht, fir dat a Betrib ze huelen.



Och bei villen anere Saachen hat e seng Fanger am Spill, sief et bei Projete vum Convict, fir e LEGO-baséierte Wiederballon an de Weltraum ze starten oder beim Opbau vum Computarium zu Dikrech. Méi wéi eng Kéier konnt seng scheinbar onendlech Erfahrung a säi Wëssen hëllef, fir quasi onméiglech Problemer ze meeschteren.

2011, wéi de Jang aus Gesondheetsgrënn huet missen an d'Fondation Pescatore plënnere, war d'Bastelen an d'Léiden natierlech net méi méiglech. Trotzdem waren e Weltempfänger an deem een oder anere Computer a sengem Zëmmer ze fannen. E fonkelfuschneien Handy an en iPad waren och do – schliisslech wollt e jo wëssen, wat et Neies un Technologie gouf!

Et war dofir och traureg ze gesinn, wéi seng Kräfte méi a méi nogelooss hunn; den 10. November d'lescht Joer koum dunn d'Nouvelle, dass en an der Nuecht gestuerwe war.

Ongeféier e Joer viru sengem Doud hat ech de Jang (dee fir mech nach ëmmer den "Här Mootz" war - de Respekt vum fréiere Schüler war bliwwen) mol gefrot – et war zu enger Zäit, wou vill iwver divers Reformen am Enseignement geschwat gouf – wéi hien d'Evolution vun der Schoul, iwver seng Carrière als Proff gesinn, géif bewäerten. "Mat der Zäit gouf et méi langweilig", war seng Äntwert. Wat en domat géif mengen, hunn ech nogefrot: ass den Niveau erofgaangen, oder gouf d'Schoulhalen ze vill zur Routine? "Neen", sot e mat blénkegen a grinsenden Aen, "mee haut kritt een alles fäerdeg ze kafen. Fréier hu mer eis Apparater an Experimenten nach selwer missen entwéckelen a bauen!" Bis zulescht: e Bastler !

LX1WC

E grouse Merci un de Francis Massen vum Computarium, dee mer dem Roger Leiner seng Karikatur an d'Foto zur Verfügung gestallt an en immens flotten Noruff op de Jang geschriwwen huet: http://computarium.lcd.lu/obituaries/OBITUARY_JeanMOOTZ/Obituary_Jean_MOOTZ.pdf

RL Assemblée Générale 2014

1. Allocutioun vum President

De President huet d'AG den 9. Mäerz 2014 um 14:45 zu Peppeng am Sall um 1. Stack vum Restaurant "Am Musée" opgemaach an déi 49 Memberen déi present waren begréisst. Zousätzlech waren 4 Gäscht do, an 32 Memberen hu sech vun engem aneren Member duerch eng Prokuratioun vertrieede gelooss.

Statiounen zu Lëtzebuerg a Memberszuelen

Zanter der leschter AG ordinaire hu leider folgend OMen eis an d'Reien vun de Silent Keys verlooss:

- John Mootz (LX1SK), Lizenz zanter 1968
- Hubert Bleser (LX1BX), Lizenz zanter 1979, am Club zanter 1977
- Heinz Vorsbruch (LX-840), am Club zanter 1999

D'Versammlung huet hinnen eng Minutt geduecht.

Mir hunn awer natierlech och méi erfreelech Nouvellen. Am Joer 2013 huet den RL och rëm e puer nei Membere bäikritt, an zwar:

- Tom Theves
- Thierry Galerin ON2CQ
- François Monnet LX2FM
- François Glodt LX6GF
- Nelson Prata Barradas LX1NB
- Ralf Schmitt DB9VE
- Cecile Ompondjana-Stoffel
- Didier Coden LX2DC
- Romain Weber LX1RW
- Tom Welter LX1TW (*)
- Jean-Luc Deltombe LX3JL (*)
- Pol Scholer
- Ben Weber LX1BEN
- Pol Welter LX1POL
- Steve Lamesch LX3SL

Déi 2 nei Memberen déi op der AG présent waren (*) kruten als "Cadeau de Bienvenue" ee vun deenen neie Wimpele mam neien Numm vum RL, an een Autocollant.

Well dat am Laf vum Joer vun e puer Leit proposéiert gi war, ass den Heinz DK4XC als Eieremember proposéiert ginn. De Jacquot LX1JX huet e klenge Réckbléck gemaach, wéi den Heinz an deene leschten Jorzéngten vill Energie dran investéiert huet fir dat wat haut ënner LX0SAR, also dem Saarland-Treffen bekannt ass, ze organiséieren. Den Heinz krut och ee klenge Cadeau, an ass also vun elo un Eieremember vum RL.

2. Rapport vum Secrétaire

Am Allgemengen hat den RL d'lescht Joer 2013 folgend Memberszuelen ze verzechnen:

Normal a gratis Memberen:

<u>Grupp</u>	<u>Total</u>	<u>Cotisation pleine</u>	<u>Famillje- Cotisioun</u>	<u>Cotisation Spéciale</u>	<u>Gratis</u>
LX0	31				31
LX1-3	310	291	17	2	
LX4-5,7-8	6			5	1
LX6	3	2	1		
LX9	17			9	8
Ouni Ruffzeechen	6	6			
SWL	4	2	1	1	
Aner	10	7		3	
<u>Total</u>	387	308	19	20	40

Membern déi d'Cotisioun net méi bezuelt hunn, a soumat dann 2 Méint no der AG net méi Member waren:

<u>Grupp</u>	<u>Total</u>
LX1-3	5
LX6	1
Ouni Ruffzeechen	1
<u>Total</u>	7

An den Iwwerbléck iwver all lizenzéiert LX-Stationen:

<u>Grupp</u>	<u>Total</u>	<u>Abandon</u>	<u>Lizenzéiert</u>
LX0	31		31
LX1-3	494	6	488
LX4-5,7-8	9		9
LX6	4	1	3
LX9	20	1	19
SWL	7		7
<u>Total</u>	565	8	557

Réunioun vum Comité

De Comité vu Mäerz bis Dezember war zanter der AG ordinaire vun 2013 12 mol zesumme komm; den neie Comité huet sech zanter der AG extraordinaire vum 10. Dezember 2013 4 mol getraff. Dat war e bësse méi wéi déi üblech 1 Mol pro Mount, well relativ vill Saachen nach opstoungen an hu mussen traitéiert ginn.

Informatiouns-Medien vum Comité

D'lescht Joer war jo d'QST Emissioun rëm agefouert ginn, woumat de Comité d'Memberen iwver d'Aarbecht am Comité an iwver Neiegkeeten am Zesammenhang mam Club oder dem Hobby allgemeng informéiert huet. Am Ufank war se 2 Mol pro Mount. Zanter Januar ass se lo nach 1 Mol pro Mount, jeeweils um leschte Freiden vum Mount. Mir soen dem Frank LX1MG villmools Merci dass hien sech am Januar bereet erkläert huet fir d'QST Emissioun virzedroen.

Eng weider Methode vum Comité fir Informatiounen un d'Membere weider ze ginn ass d'Homepage vum RL. De Marc LX1OM huet déi och dat lescht Joer gepflegt an up-to-date gehal. Mir soen dem Marc Merci fir all déi vill Zäit déi hien dran investéiert huet, an all d'Ännerungen déi hien ëmmer zimlech séier gemaach huet. Hien huet eis och informéiert, dass et drop an drun ass, dass déi nei Websäit, déi virun engem Joer ugekënnegt gi war, fäerdeg ass. Mir waarden dann all gespaant drop, dass déi nei Säit online geet.

Den RL hat d'lescht Joer och wéi geplangt 2 Mol de Bulletin erausginn.

Aktivitéiten vum Club

Hei ee kuerze Resumé vun de gréissten Aktivitéiten déi am Laf vum Joer u stoungen:

- 1. Mee Feier zu Esebuer am Shack vum RL
- 15. a 16. Juni 2013: LX0SAR Treffen zu Esebuer am LX0RL Shack
- 28.-30. Juni 2013: den RL hat zesumme mam DARC ee Stand op der HamRadio zu Friedrichshafen
- Renovatioun vum Shack zu Esebuer. Do ass relativ vill vun deem ale Material wat net méi gebraucht gëtt aussortéiert ginn, a probéiert ginn fir op Floumäärt ze verkafen (zum Beispill zu Fischbach bei Saarbrecken).
- 12. Oktober 2013: Journée des radioamateurs zu Esebuer, mat der Presentatioun vum renovéierte Shack
- Déi traditionell Monatsversammlung zu Peppeng am Bauremusée war dëst Joer all Mount ausser am August
- Zanter Januar 2014 ass lo all leschte Freiden am Mount ee Club-Owend zu Esebuer am Shack, wou de QSL Büro och présent ass, a Leit deenen et ze wäit ass fir op Peppeng ze kommen och do hier Kaarten kennen ofhuelen, respektiv ofginn.
- De Comité ass zanter e puer Méint amgaang ze kucke fir nei Siten ze sichen, wou den RL ka Material opriichten. Dëst ass nämlech besonnesch wichteg fir

den HAMNET, wou d’Couverture duerch déi héich Frequenzen net sou wäit geet, an natierlech och schonn deelweis fir 70cm (nei digital Modem). All déi aner automatesch Statioune vum RL profitéieren awer och dovun, well domat verhënnert gëtt, dass eis verschidde Relaisen, Balisen, Digipeateren a sou weider sech géigesäiteg stéieren, well d’Frequenzen nët wäit genuch auserne leien. De Comité huet schonn eng konkret Zouso fir ee Site, wou de Luc am DVC Rapport duerno nach drop zrëck kennt, an de Club huet potentiell nach 3 aner Siten wou mer eventuell eppes kéinten opriichten. Do wäerte méi Informatiounen an deenen nächste QST Emissiounen an op der Homepage no kommen, wann et bis souwäit ass.

IARU

Um Niveau vun der IARU gëtt et folgend Neiegkeeten:

De President an de Vize-President vun der IARU ginn nei gewielt, fir d’Period vu Mee 2014 bis 2019. Déi eenzeg Kandidaten fir déi jeeweileg Posten déi an der Wal-Prozedur zrëck gehale gi waren, waren den aktuelle President Timothy S. Ellam, VE6SH, an den aktuelle Vize-President Ole Garpestad, LA2RR.

An der IARU Region 1, wou Lëtzebuerg jo och dozou gehéiert, ass fir all Land ee Youth Coordinator, also eng Persoun déi sech em d’Koordinatioun vun den Aktivitéiten an Zesammenhang mat de Jugendleche këmmert definéiert ginn. Fir Lëtzebuerg huet de Ralph LX1RS sech Bereet erkläert déi Charge ze iwwerhuelen.

Ordre interne

Wéi schonn op der AGE ugekënnegt, huet den neie Comité ee Règlement d’ordre interne ausgeschafft, wou dran definéiert ass, wéi verschidde Saachen am Comité an am Club solle lafen. Ee vun de Punkten ass zum Beispill fir wéivill Suen den Trésorier selwer däerf ënnerschreiwen, an ab wéivill Suen 2 oder 3 Persounen aus dem Comité müssen hier Ënnerschrëft mat op de Virement-Ziedel maachen. An engem anere Punkt geet et dorëm, wéi d’Zesummenaarbecht tëschent de Working Groups an dem Comité soll verlafen. De kompletten Ordre interne wéi en am Moment definéiert ass kennt der och an dësem Bulletin op Säit 36 fannen.

Mir hunn eis bei verschiddene Leit déi sech domat auskennen informéiert. U sech huet dee Règlement d’ordre interne am Moment keng legal Basis, well en net an de Statuten verankert ass. Dat heescht, an de Statute misst mindestens erwähnt sinn, dass et sou een Reglement gëtt, an dass ee sech muss drun halen. Dëst kann den neie Comité, deen haut aus der AG ervir geet sech jo op den Ordre du jour schreiwen. Et sollt een awer net vergiessen, dass eng Statuten-Ännerung eng zäit- a käschtenintensiv Saach ass, sou dass ee vläicht einfach kéint waarden bis souwisou rëm iergendwann eng Statutenännerung an d’Haus steet, fir dat ze formaliséieren.

Managers a Working Groups

Wéi mer dat och schonn an der QST Emissioun vum Januar annoncéiert haten, hu mer d'Lescht vun de Manageren an de Working Groups e bëssen iwwerschafft. Et waren nämlech relativ vill Gruppen wou souwisou ëmmer déi selwecht Leit op ganz ähnlechen Thematiken dra geschafft hunn, an déi Leschte waren historesch gewuess an doduerch relativ oniwwersichtlech ginn.

Déi aktuell Lescht vun allen aktiven Working Groups ass lo fir de Moment mol:

- APRS
- ARDF
- ATV
- Digital Voice Communications (DVC)
- HF-WG IARU Region 1
- JOTA / Scouts
- Packet-Radio (AX.25 + TCP/IP) HAMNET
- QST-Transmission
- Voice Repeater
- Bulletin Editor

D'Rapporten vun deene jeeweiligen Manageren a Working Groups wäerten nom Rapport vum Trésorier virgedroe ginn.

3. Rapport vum Trésorier

Hei dann de Rapport iwwert den Exercice 2013, datéiert op den 31. Dezember 2013.

Eis **Recetten** am Résumé:

Donen	50.50 €
Memberscotisatiounen	7,272.00 €
Familiencotisatiounen	90.00 €
Spécialcotisatiounen	264.00 €
Subsiden	275.00 €
Zënsen	73.05 €
Verkaaf vun RL Spengelen	64.00 €
Verkaaf vun RL Fendelen	135.00 €
Verkaaf vun RL Pechbiller	74.00 €
Allgemeng Verkeef RL	21.00 €
Floumaart	1,133.08 €
Couren	340.00 €
Kautiounen	350.00 €
Total:	10,141.63 €

Eis **Dépensen** am Résumé:

Akaaf Spengelen RL	670.45 €
Akaaf Fendelen RL	924.60 €
Uschaafungen fir LX0RL	797.12 €
Onkäschten Site LX0RL	242.55 €
Allgemeng Ausgaben fir eisen Shack	1,191.72 €
Uschaafungen Diplomer LX HF Marathon + aner Onkeschten	189.00 €
Akaaf Bicher fir den Cours RA	266.61 €
Honorairen fir d'Instructeren Cours RA	325.00 €
LX75 RL (QSL, Diplomes etc..)	526.30 €
Akaaf T-shirts 75 Joer RL	23.18 €
QSL-Vermëttlung DARC	1,176.00 €
Onkäschten QSL-Service + Verpaakung an Porto	390.81 €
Onkäschten fir eisen Bulletin (Dréckerei + Porto)	611.92 €
Cotisation RESTENA	40.00 €
Annoncen an der Zeitung	123.45 €
Cotisation IARU	462.83 €
Public Relation	195.90 €
FCE Fraien	150.00 €
Akaaf vun Ersatzstécker	257.60 €
Funktionementskäschten Site Eschdorf	100.00 €
Onkäschten fir Installations- an Entretiensarbechten Site Bourscheid	883.51 €
Funktionementskäschten Site Bourscheid	600.75 €
Uschaafungen Relais LX0LU (Hytera)	1,472.21 €
Uschaafungen Relais LX0HI (Hytera)	1,579.50 €
Uschaafungen Equipement HamNet + Packet Radio	471.14 €
Uschaafungen Equipement LX0APN	66.10 €
Ausgaben fir Büromaterial	55.70 €
Onkäschten Porto	330.00 €
Onkäschten fir d'Memberskarten	191.84 €
Assurances RL	1,753.96 €
Fraien um CCPL	21.60 €
Total:	16,091.35 €

Als Resultat maachen mir dann e Malus vun **5,949.72 €** vum 01.01.2013-31.12.2013

Dovunner ginn **3,051.71 €** eleng op den Kont vun den zwee neien Hytera Relaien.

Den 31. Dezember 2013 waren eis **Aktivposten:**

Kees Borgeld	224.03 €
CCP RL	1,514.36 €
Spuerbuch	30,073.05 €
Total:	31,811.44 €

Mer kéimen dann un den **provisoresche Bilan** vum 1. Januar 2014 bis den 1. Mäerz:

Recettes:

Memberscotisatiounen	240.00 €
Donen	252.00 €
Verkaaf Fändelen RL	30.00 €
Recettes Shack autres	20.00 €
Kautiounen	150.00 €
Rektifikatioun ob eisen Assurancen RL 2013	563.15 €
Total:	1,255.15 €

Dépenses:

QSL-Buro	74.36 €
QSL-Vermëttlung DARC	1,176.00 €
Neit Schlass zu Bourscheid	117.30 €
Stroum zu Bourscheid	105.77 €
Annoncen an der Zeitung	245.60 €
Porto Bréiwer	6.60 €
Fraien um CCP	5.20 €
Zrëck gin vun Kautiounen	250.00 €
Douane, TVA, Taxen etc.	49.18 €
Total:	2,030.01 €

Mëscht en Malus vun **774.86 €**

Mer hunn am Moment eng Kees vun:

Caisse argent comptant	224.03 €
CCP RL	739.50 €
Spuerbuch	30,073.05 €
Total:	31,036.58 €

Den Trésorier huet erkläert, dass de fréieren Trésorier een Don vun 250 Euro gemaach huet fir ënner anerem d'Zënsen déi den RL net kritt huet well d'Suen eng Zäit laang net um Spuerbuch waren ze kompenséieren. Him deet déi ganz Aktioun, sou wei se gelaf ass immens leed.

Keesserevisioun

D'Keesserevisioun ass vum Alfred LX1AR, Christian LX1FC an Heng LX1HD gemaach ginn. Den LX1AR huet stellvertriedend erklärt, dass d'Keess propper gefouert ass an alles dokumentéiert ass. Si konnte keng Feeler feststellen.

D'AG huet dem Trésorier d'Décharge ginn.

Déi 3 Keesserevisiounen (LX1AR, LX1FC, LX1HD) hu sech bereet erklärt och d'näechst Joer rëm d'Keesserevisioun ze maachen.

4. Rapport vun de Manageren

Rapport vum QSL Büro

D'Claudine LX1CX, aktuelle QSL Manager, huet de Rapport iwwer den incoming an outgoing QSL gemaach. Dëse fannt dier op Säit 34 an dësem Bulletin.

Vote fir de Changement vum Fonctionnement vum QSL-Büro

Well verschidde Leit net zefridde mam Fakt waren, dass et nëmme méiglech wier un d'QSL-Kaarten ze komme wann een Member am RL wier, a soumat den RL eng Monopol-Stellung hätt vun där e géif profitéieren, huet de Comité eng nei Regelung fir de Fonctionnement vum QSL-Büro ausgeschafft. Dës nei Regelung respektéiert op där enger Säit eng Recommandatioun déi an enger Resolutioun vun der IARU ausgedréckt gëtt, nämlech dass en nationale Club dee Member bei der IARU ass, wa méiglech och net-Membere soll d'Méiglechkeet gi fir un hier QSL-Kaarten ze kommen (d'Resolutioun 85-9 kennt der och an dësem Bulletin op Säit 35 noliesen). Op der anerer Säit respektéiert se awer och de Fakt, dass Membere vum RL net d'Käschte vun de globalen Onkäschten, déi beim QSL-Büro ufalen, musse fir net-Memberen matdroen andeems eng "Participation aux frais" gefrot gëtt (dëst ass och explizit an der IARU Resolutioun erwänt). Déi net vernoléissegbar Aarbecht vum QSL-Manager, fir d'Incoming Kaarten souwuel fir Memberen wéi fir net-Memberen ze sortéieren, gëtt soumat och fair valoriséiert.

Déi nei Propose fir de Fonctionnement vum QSL-Büro, ass folgend:

- Den Incoming Service ass fir all RL-Member fir alleguer seng perséinlech Ruffzeechen gratis (egal op LX-Call oder net LX).
Dëse Changement par rapport zum dem jorelaange Standard huet de Virdeel, dass manner Käschtchen ufalen fir Kaarten déi rëm mat engem "not member" Stempel mussen zrëck via Baunatal geschéckt ginn (an eis soumat fir den outgoing verrechent ginn).
- Den Outgoing Service ass fir all Member mat sengem Haaptruffzeeche, mat deem en als Member am RL ageschriwwen ass, gratis. Fir all zousätzlecht perséinlecht Ruffzeechen wou e well QSL-Kaarte fortschécken bezuelt en eng hallef Cotisatioun.
- Den Incoming Service fir lizenséiert Funkamateuren, déi net Member sinn, gëtt baséiert op d'Recommandatioun vun der IARU Resolutioun 85-9 fir de Service och käschtedeckend fir net-Memberen unzebidden: All lizenséierten net-Member kann

zwee mol pro Joer beim RL QSL Büro ufroen fir seng Kaarten per Post op d'Adress vu senger Statioun geschéckt ze kréien. Et ass net méiglech fir se perséinlech bei de QSL Büro sichen ze goen. D'Käschten déi den net-Member pro Ufro verrechent kritt stelle sech aus de Käschte vun der Verpackung an dem Porto zesummen, an zousätzlech ginn 23.5% vun deem Montant als frais "administratifs, logistiques et de stockage" bäi gerechent als Participatioun un de globale Fonctionnements-käschten vum QSL Service.

- Et gëtt keen Outgoing Service fir net-Membere gemaach. *(also och net wann een e Manager fir en net-Member ass... falls ee Manager dat gär mécht, muss déi aner Persoun normale Member am RL ginn).*

Et ass gefrot ginn, firwat do 23.5% Käschten drop gerechent ginn. De Comité hat e bësse gekuckt wat de QSL-Service sou allgemeng kascht, wat mer als global reell Onkäschten dofir hunn (e.g. Kaarten déi falsch un eis geschéckt gi sinn, Silent Keys, Préfinancement vu Käschten, Timberen, IARU Kotisatioun fir um System deel ze huelen, a sou weider). Mir wollte fair bleiwen an hunn dofir just 23.5% geholl. Des Suen fléissen integral an de Finanzement vum QSL-Service.

Well verschidden Awänn op der AG dogéint virbruecht gi sinn (op der enger Säit vu Leit déi fonnt hunn, dass aner Lëtzebuerger Clibb d'Incoming QSL-Kaarte misste gratis zur Verfügung gestallt kréien, op der anerer Säit vu Memberen déi fonnt hunn, dass net-Memberen guer kee Service vum RL bräichten ze erwaarden), ass mat engem schréffleche Vote doriwwer ofgestëmmt ginn. 72 Stëmm Ziedele sinn ofginn ginn, kee war ongülteg oder wäiss. 58 hunn dofir gestëmmt, 14 dogéint. Domat ass mat 80.6% déi nei Fonctionnementsregel vum QSL-Service ugeholl.

Rapport Cours de Préparation

De Rapport iwwer de Cours huet den Armand LX1MA virgedroen. Dir fannt en bei de Rapporten vun de Manageren an dësem Bulletin op Säit 37.

Rapport EMC/PLC, CEPT an TVI/ITV

De Rapport iwwer d'Themen EMC, PLC, CEPT an TVI respektiv ITV huet den Armand LX1MA virgedroen. Dir fannt en bei de Rapporten vun de Manageren op Säit 38.

Rapport Awards

De Rapport iwwer d'Awards an den LX HF Marathon huet de Philippe LX2A virgedroen. Dir fannt d'Detailler bei de Rapporten vun de Manageren op Säit 40. Déi jeeweileg Gewënner vum LX HF Marathon an deene verschiddene Klassen kruten eng Coupe iwwerrecht; déi aner déi matgemaach hunn kruten ee kleng Cadeau.

Rapport APRS

De Rapport iwwer d'APRS-Aktivitéiten an LX huet de Mich LX1KQ virgedroen; Dir fannt en bei de Rapporten vun de Manageren op Säit 45.

Rapport Activités VHF, UHF, SHF, balises

De Willi LX1DB konnt leider net op d'AG kommen, hien hat eis de Rapport awer am Virus zoukomme gelooss, sou dass e konnt virgelies ginn. Dir fannt en bei de Rapporten vun de Manageren op Säit 46.

Rapport 6m a 4m

De Rapport iwwer d'Aktivitéiten op 6m a 4m huet de Jacquot LX1JX virgedroen; Dir fannt en bei de Rapporten vun de Manageren op Säit 48.

5. Rapport vun de Working Groups

Rapport Relais

Den Dan LX1JU huet dëse Rapport stellvertriedend fir de Relais Working Group virgedroen. D'Detailler fannt der op Säit 52.

Et ass gefrot ginn, wat mat dem 2. Hytera-Relais, dee kaaft gi war, passéiere soll. Primär war dësen 2. Relais als Reserve "falls et zu engem Ausfall géif kommen" geduecht, wéi dat am Bulletin 2/13 geschriwwen steet. An der Comptabilitéit war en vum fréiere Comité op den LX0HI verbucht ginn, wou en awer net installéiert ginn ass, well de Working Group aus verschiddene Grënn den aktuelle Relais net duerch een Hytera wollt ersetzen. Mir hunn eis awer trotzdem lo scho Gedanken gemaach fir eng aner sënnvoll Notzung ze fannen, zum Beispill fir en fir eng lokal Couverture vun der Musel- a Sauer-Géigend mat klenger Leeschtung an direktionellen Antennen ze benotzen. Do muss awer nach mat der Frequenz-Koordinatioun gekuckt ginn, op dat iwverhaapt technesch méiglech ass, ouni aner Relais ze stéieren.

Den LX1CC huet gefrot, op d'ADRAD eng Frequenz fir ee 70cm Relais kéint kréien. De Comité huet gesot, dass hien sech un de Frequenz-Koordinator vun RL muss wenden, mat deem muss da gekuckt gi wat fir eng Frequenz fräi a passend ass.

Rapport Digital Voice Communications

De Luc LX1IQ huet dëse Rapport stellvertriedend fir den Digital Voice Communications Working Group virgedroen. D'Detailler fannt Der op Säit 54.

Rapport Packet-Radio an HAMNET

Den Arsène LX1TB huet dëse Rapport stellvertredend fir den Packet Radio an HAMNET Working Group virgedroen. D'Detailler fannt Der op Säit 55.

JOTA / Scouts

De Mich LX1KQ huet kuerz d'Aktivitéiten am Zesammenhang mam JOTA am Joer 2013 erkläert.

International war dëst Joer eng speziell Abschiedsfeier bei HB9S, dem Scout-Weltbüro zu Genf. All Opérateuren déi an deene leschte Joere bei HB9S aktiv waren, waren dofir invitéiert ginn (fir LX waren dat de Frank LX1MG, Philippe LX2A a Mich LX1KQ). Den LX1KQ war den eenzegen dee konnt dohi fueren.

Op nationalem Niveau waren dat hei d'Stationen déi beim JOTA matgemaach hunn:

<u>Ruffzeechen</u>	<u>Grupp</u>	<u>Uertschaft</u>	<u>Verband</u>	<u>Funker</u>
LX1JAB	Abbé Pierre	Bettembourg	LGS	LX1JU
LX1JAC	St. Benoît	Clervaux	LGS	LX1JX
LX1JAD	Gréng Scouten St. Alphonse	Dudelange Luxembourg	FNEL LGS	LX1NR
LX1JAQ	St. Hubert / Ste Bernadette	Steinfort	LGS	LX1HR
LX1JAR	St. Sébastien	Wiltz	LGS	LX1HP
LX1JAZ	Mamer Wiselen	Mamer	FNEL	LX1OK

De JOTA ass dëst Joer den **18.-19. Oktober 2014**.

6. Budget 2014 a Cotisatioun

Den Trésorier huet folgende Budget fir d'Joer 2014 presentéiert:

Recetten:

Cotisationen	7,626.00 €	(Wéi 2013)
Zënsen um Spuerkont	150.00 €	
Diplomer	150.00 €	
Reklammen am Bulletin	100.00 €	
Manifestatiounen	400.00 €	
Donen	50.00 €	
Aus der Reserve	2,000.00 €	
Total:	10,476.00 €	

Dépensen:



DARC + QSL - Buro	1,700.00 €	
Annoncen an der Zeitung	250.00 €	
Assurancen	1,200.00 €	
IARU	480.00 €	
ARDF	50.00 €	
Diplomer	150.00 €	
Manifestatiounen	500.00 €	
Restena	40.00 €	(WebServer)
Bulletin	630.00 €	(400 Stéck 2x d'Joer)
Memberskaarten	200.00 €	(350 Stéck)
Rappellen	100.00 €	(Geschaat 100 Stéck)
Lizencouren	600.00 €	(6x Bicher + Hon. Instrukteren)
Shack RL	326.00 €	
Secretariat Trésorerie	500.00 €	
Relais, Balisen, LX0HQ	2,750.00 €	
Divers	1,000.00 €	
Total:	10,476.00 €	

Détailler fir de Punkt Relais, Balisen, LX0HQ:

Site Bourscheid	Stroum	650.00 €
Site Bourscheid	Entretien	200.00 €
Hamnet	Investissementer + Entretien	350.00 €
Site Eschdorf (0APN,0HF)	Stroum	100.00 €
Site Ronnebësch	Investissementer	200.00 €
Site Junglinster (DSTAR)	Investissementer	500.00 €
Beacons	Entretien	250.00 €
Entretien aaner Siten	Investissementer	500.00 €
	Total:	2,750.00 €

Beim Budget ass de Kommentar kumm, dass de Club mat dem Budget do net vill Méiglechkeeten hätt fir an nei Technologien ze investéieren. Den Trésorier huet erklärt, dass jo am leschte Joer relativ vill Ausgaben fir nei Technologien gemaach gi sinn, an dass een natierlech gär nei Saachen opriicht, mee ëmmer muss kucken wéi ee se finanzéiere kann. Wann een nämlech sou weider mat der Perte wéi am leschte Joer fiert, huet de Club an e puer Joer guer keng Reserve méi fir déi lafend Käschten ze decken, Investissementer ze maachen oder onvirgesin Dépensen.

Den Trésorier huet nach e puer Wuert iwwer d'Cotisation am Laf vun de Joeren, verglach mat den Ausgabe vum Club, gesot an dat mat engem Graphique veranschaulicht.



Et ass driwwer diskutéiert ginn, ob d'Cotisatioun, déi scho jorelaang déi selwecht ass (an der Zäit 1000 FLUX, dono 24 Euro) nach wierklech adaptéiert ass. Et sinn net méi vill Associatiounen, wou d'Cotisatioun nach sou niddereg ass. De Comité huet trotzdem proposéiert se lo mol fir dëst Joer nach ze loosse wéi se ass, an am Laf vum Joer eng genau Analyse vun den Dépensen a Recetten ze maachen. Et muss och gekuckt ginn, wéivill een d'Cotisatioun kéint ropsetzen, ouni de Risiko ze lafen, dass ee vill Memberen verléiert déi net sou aktiv vum Club-liewe profitéieren, an net méi bereet wieren fir eng vill méi héich Cotisatioun ze bezuelen.

D'Cotisatioun si sou acceptéiert ginn, a sinn also fir d'Joer 2014-2015 och 24 Euro fir eng normal Cotisatioun, 5 Euro fir eng Famillje-Cotisatioun, an 12 Euro fir eng Cotisation spéciale.

Den Trésorier huet och nach drop higewisen, dass eng Partie Leit regelméisseg schonn hier Cotisatioun virun der jeeweiliger AG bezuelen. Fir d'nächst Joer wier et also gutt, wann d'Membere géifen d'AG ofwaarden; falls d'Cotisatioun sollt an d'Luucht gesat ginn, missten déi Memberen soss nach eng Kéier no bezuelen.

7. Walen

Wéi no der AG extraordinaire, an an der Invitatioun vun der AG ugekënnegt hat de Comité décidéiert fir ze demissionéieren, a sech nei als Kandidaten opzestelle fir sech wielen ze loosse.

Fir de Presidente-Posten hat just ee Kandidat sech gemellt, nämlech de Mich Friederich LX1KQ. Hien ass vun der AG per applausissement als President confirméiert ginn.

Fir de Comité hate sech 7 Kandidate gemellt:

- Jean-Claude Duhr LX1CU
- Luc Engelmann LX1IQ
- Dan Jungels LX1JU
- Armand Erpelding LX1MA
- Arsène Thill LX1TB
- Claude Wangen LX1WC
- Philippe Luty LX2A

Well 9 Posten ze besetze waren, a sech awer manner Kandidate gemellt haten, hu keng schrëftlech Walen musse gemaach ginn. D'Kandidate si per applausissement confirméiert ginn.

8. Divers

Réduktiounen beim Schaller

De Comité huet mat Schaller Electronic um Lampertsbiërg ausgehandelt, dass Membere vum RL op enger Partie Artikelen Réduktiounen kenne kréien, wa se eng Clients-Kaart bei hirem Akaf weisen. Des Kaarte kenne schrëftlech (z.B. per Email) beim LX1CU ugefrot ginn. Dobäi kritt een dann och d'Lëscht mat de Prozenter déi et op deene verschiddenen Kategorie kritt.

Lifetime Membership

Den LX1JX huet gefrot, firwat et beim RL keng Méiglechkeet gëtt ee Lifetime Membership anzeféieren. De Comité huet gesot, si géifen dat analyséieren.

Prokuratiounen

Den LX1RA huet fonnt, dass dat mat de Prokuratiounen keng gudd Idee wier. Et wier besser, wann et einfach nom Prinzip "les absents ont toujours tort" géif goen, dat heescht déi Leit déi net op d'AG géife kommen, sollten och keng Stemm bei engem Vote hunn.

De Comité huet geäntwert, dass Prokuratiounen vum Gesetz hier virgesi sinn. Et misst een net onbedengt e Virdrock vun enger Prokuratioun mat der Invitatioun mat schécken, mee wann ee Member sech duerch een anere mat enger Prokuratioun vertriebe loosse wëllt, kéint de Comité dat net refuséieren.

AG méi kuerz maachen, manner technesch Rapporten

Den LX1JX huet proposéiert, fir an Zukunft keng technesch Rapporten méi op der AG virzeliesen, well dat relativ laangwiereg wier, an net jidderee sech fir all Thema géif interesséieren. De Comité huet geäntwert, dass d'Membere awer sollte wësse wat am Joer an deene verschiddene Working Groups passéiert ass, fir dass se zum Beispill iwwer de Budget fir dat folgend Joer kennen ofstëmmen. Et ass du proposéiert ginn, dass d'Rapporten sollen am Viraus op der Websäit vum RL publizéiert ginn, an da just nach Froen op der AG zu de Rapporten solle beäntwert ginn. Des Propose gëtt vum Comité fir déi nächst AG analyséiert.

Kandidaten am Viraus publizéieren

Den LX1HP huet proposéiert, dass een d'Kandidate misst am Viraus publizéieren, well een dee per Prokuratioun wëllt wielen soss net weess, ween e wile kann. D'LX1EB huet agewand, dass een u sech just engem eng Prokuratioun gëtt, deem ee vertraut fir a sengem Interesse ze stemmen. D'Verantwortung géif also un deem iwwerger ginn, deem een d'Prokuratioun gëtt. De Comité analyséiert des Propose fir déi nächst AG.

Gedrénks

Et sief nach drop higewisen, dass de Service vum Gedrénks zu Peppeng dëst Joer leider net immens gutt geklappt huet. D'Claudine LX1CX huet dofir eng Hand mat ugepaakt, fir Commanden opzehuelen an d'Gedrénks rop an de Sall ze bréngen. Eng Partie Leit schéngen duerno awer vergiess ze hunn ënnen an der Keess ze bezuelen! D'Claudine huet dunn alt de Rescht aus senger Täsch bezuelt.

Dëst huet ee besonnesch batteren Nogeschmaach, wou dach an der AG driwwer diskutéiert ginn ass, dass ee liicht Unhiewen vun der Cotisatioun u sech kengem Member dierft wéi doen.

Déi Leit, déi ee schlecht Gewëssen hunn, kenne sech gär beim Claudine mellen fir dat an d'Rei ze bréngen.

D'AG ass um 18:00 zougemaach ginn.



De Comité 2014

Assemblée Générale 2014 - Résumé en français

1. Allocution du président

Le président a ouvert l'AG le 9 mars 2014 à 14h45 à Peppange dans la salle du 1^{er} étage du restaurant « Am Musée ». 49 membres ainsi que 4 visiteurs étaient présents. 32 membres étaient représentés par un autre membre par le biais d'une procuration.

Stations luxembourgeoises et statistiques sur les membres

Depuis la dernière AG ordinaire les OM's suivants nous ont malheureusement quittés pour le monde des Silent Keys :

- John Mootz (LX1SK), licence depuis 1968
- Hubert Bleser (LX1BX), licence depuis 1979, membre depuis 1977
- Heinz Vorsbruch (LX-840), membre depuis 1999

Une minute de silence leur a été accordée.

Les membres suivants ont rejoint le RL en 2013 :

- Tom Theves
- Thierry Galerin ON2CQ
- François Monnet LX2FM
- François Glodt LX6GF
- Nelson Prata Barradas LX1NB
- Ralf Schmitt DB9VE
- Cecile Ompondjana-Stoffel
- Didier Coden LX2DC
- Romain Weber LX1RW
- Tom Welter LX1TW (*)
- Jean-Luc Deltombe LX3JL (*)
- Pol Scholer
- Ben Weber LX1BEN
- Pol Welter LX1POL
- Steve Lamesch LX3SL

Les 2 nouveaux membres présents à l'AG (*) ont reçu leur cadeau de bienvenue, un nouveau fanion (avec le nouveau nom du RL) et un losange autocollant.

Pendant l'année il a été proposé par plusieurs personnes de nommer Heinz DK4XC comme membre honoraire. Jacquot LX1JX a fait une petite rétrospective pour illustrer l'investissement de Heinz dans les dernières décennies pour organiser ce qui est connu aujourd'hui sous LX0SAR, donc la rencontre amicale avec les OM's de la Sarre. Heinz a reçu un petit cadeau et est donc dorénavant membre honoraire du RL.

2. Rapport du secrétaire

Un bref aperçu sur les statistiques des membres de l'année 2013 :

Membres payants et gratuits :

<u>Groupe</u>	<u>Total</u>	<u>Cotisation pleine</u>	<u>Cotisation famille</u>	<u>Cotisation Spéciale</u>	<u>Gratuit</u>
LX0	31				31
LX1-3	310	291	17	2	
LX4-5,7-8	6			5	1
LX6	3	2	1		
LX9	17			9	8
Sans indicatif	6	6			
SWL	4	2	1	1	
Autres	10	7		3	
<u>Total</u>	387	308	19	20	40

Membres qui n'ont pas payé leur cotisation et qui n'étaient donc plus membre 2 mois après l'AG :

<u>Groupe</u>	<u>Total</u>
LX1-3	5
LX6	1
Sans indicatif	1
<u>Total</u>	7

Aperçu de toutes les stations avec licence au Luxembourg :

<u>Groupe</u>	<u>Total</u>	<u>Abandon</u>	<u>Avec licence</u>
LX0	31		31
LX1-3	494	6	488
LX4-5,7-8	9		9
LX6	4	1	3
LX9	20	1	19
SWL	7		7
<u>Total</u>	565	8	557

Réunions du comité

